

D'Geschicht vun der Lëtzebuurger Jugend am 2. te Weltkrich

Animateur: An der leschter Sendung hate mir vun preiseleken Iwerfall geschwat a sin seer bis un den 18 Oktober 1942 gefuer wo déi éscht Zwangsrekruteiert verschleift gowen. An deser Emissioun welle mir erönnere wei d'Nazien sech an onsem Land bréd gemat hun, d'Bevölkerung schickanéiert an d'Jugendlech gelidden awer sech och géngt d'Nazifizeierung gewiert hun.

Här WEIRICH, dir hat démols 18 Joër, wéi dir d'Besatzungszeit bis zu äre Zwangsrekruteierung erliewt.

Weirich: Als Student gow ech mat mengen Elteren, zwé Bridder, méngen Moni Peiffer, bekannten Diddelénger Schulmeschter a meng Tata an d'Frankreich ewakueiert. Dat waren 7 Leit an dem Studebacker. Eis Camionnett, e Ford, war dir de Krankentransport agericht gin an ass dofir zeréck geloss gin. De Schlessel dovunner hate mir onsen Noper de Gendarmen gin. Well kén aus dem Spidol d'Camionnett siche kom ass sin durno d'Gendarmen selwer domadd an d'Frankreich gefuer an no enger Woch bei eis zu LODEVE geland. *Sat war aus Süden vu Frankreich, bei Mumpfelh* Obschon mei Moni, dén démolegen Escher Paschto'er ons e Laissez-passer op LODEVEgeschéckt hat an dén ons do awer net ausgekännecht gow, si mir och eréscht den 18ten August hém kom. Wéi et zu Diddeléng ausgesin huet hate mir schon d'léscht Woch kurz ernimmt an den Här BENOIT gétt ons herno nach wéidder Détaille: Esobal d'Regierung den 10 Mee vun deitschen Iwerfall informéiert gow hun gleich d'Groussherzoglech Famill an d'Ministeren DUPONG, BECH, BODSON an KRIER d'Land iwert RODANGE-LASAUVAGE verloss. Well de Minister MARQUE ze spéd iwert deitschen Iwerfall an d'Bild gesot gow, kann hien d'Land net méi rechtzeiteg vrelossen. Den 25 September 1942 gow hien emot senger Famill emgesiedelt a kum eréscht am Abrél 1945 an d'Hemescht zeréck.

Och fir d'Groussherzoglech Familjen an déi 4 Ministeren war et héch Zeit gin well den 10te Mee Muerges um 1/2 7 gow schon Kasären an der Stad besetzt a motoriséiert Einheiten ware schon a Richtung AREL ennerwé.

Offiziell huet déi deitsch Wehrmacht den 10te Mee um 5 Auer Muerges LETZEBUERG iwerfall.

Schon's geschwären nom Iwerfall gowen déi éscht Letzebuurger wénst "Spionageverdacht" verkafft. D'füneft Kolonn hat gud Vierarbecht geléscht.

Well kéng Ministeren méi am Land waren huet de Regierungsgeneralsekretär Albert WEHRER d'Erklärungen vun déitsche Gesamden entgengt geholl a woeranner versekert gow dass Deutschland d'Neutralität vu LETZEBUERG géw respektéieren.

Eng gross Liegen, wéi d'Erréchnesser an d'Wirklechkét et elo gleich bewässen.

Als Illustratioun *von de Kriecherlebnissen* hei e puer Datummen.

Den 13te Mee kapituléieren déi belsch Armée Verbänn zu LECK.

De 14te Mee eroberen déitsch Loftlandetruppen strategesch wichteg Basen an Holland a gleichzeiteg gétt ROTTERDAM massiv bombardéiert. 900 Affer ennert der ziviler Bevöckerung gin signaléiert. Et ass den éischten massiven déitschen Ugraff op Zivilleit.

De 16te Mee kapituléiert Holland an d'Maginot Linn, wo jo d'Franzosen a mir mat geduecht *angest* hatten se wär net ze duerchbrieche *gow* gleich op énger Längt vun 100 km duerchbrach. Den 18te Me hun déi preisesch Armé Truppen d'Maginot Linn engangen.

Den 19te Mee schon stoussen d'Préisen iwert ABBIVILLE op den Ärmelkanal zo' an den Dag drop gin Alliéiert Verbänn zu DUNKERKE agekesselt.

De 26te Mee fänkt d'Ewakuéierung vu den agekesselten Alliéierten Truppen un, an déi selwechten Dag fällt CALAIS.



De 27 Mee erkläert de belsche Kinneck LEOPOLD III d'Kapitulatioun vu sengen Arméen an domadde entstéht e 50 km Lang Ress an der Front bis un d'Mier récht.

Well déi belsch Regierung, net mat deser Kapitulation d'accord war, an de Kinneck d'Alliéiert och net viraus dovunnen informéiert hat géht sie an den Exil.

All méglech Schëffer gin zesumme gesicht a bréngen ronn 350.000 Alliéiert Zaldoten zeréck an England.

D'franzéisch Flott konnt nemmen 48.000 Zaldoten iwert d'Manche zeréck bréngen während 150.000 hirer Kommeroden d'präisesch Iwermacht a Schack gehalen hun a schliesslesch den 3 Juni sech a Gefangenschaft erginn.

Den 6 Juni zé'en sech d'Alliéiert aus NARVICK an Norwegen zeréck an d'Norwegesch Armée kapituléiert.

Elo gléwt och den Duce, dass den HITLER de Krich gewanne géw an erkläert nach schnell den 10te Juni England a Frankreich de Krich.

De 10 Juni verléest d'franzéisch Regierung PARIS.

Och méi wéi 2 Milliounen Pareisser verlossen hir Stad a flüchten géngt de Süden. Des Flüchtlingskolonnen gin onerbärmlech vun de präiseschen Stuka-Flieger mat Maschinengewierer ~~herschoss~~ <sup>beschoos</sup>.

De 14 a 16 Juni besézt d'rot Armée Litauen, Estland a Leteland.

Den 22 Juni, also 43 Dég nom deitschen Iwerfall, gett de Woffestellstand teschend Frankreich an Déitschland déklaréiert.

All dés bal dagdéglech <sup>fr. als Erfolgskommunikation</sup> Schlé an präisesch Erfolgsmeldungen hun ons hart getraff a mir suetzen am Süden vu Frankreich évakuéiert. Vun doheem sin nët vill <sup>News</sup> Norichte kom a wann da méeschters schlechter. Eng Kéer huet et gehéscht Diddeléng leit ganz am Koup. Dann erëm, nëmnen de Zentrum wir ausgebrannt. Et war jo och schwéer richteg Informatiounen ze kréen. Frankreich war duerch d'Demarkatiouns Linen an zwée gedéelt. Post gung natiirlech kéng an och Telefonsverbindungen waren ennerbrach. Just aus England krute mir Informatiounen awer do waren d'Leit méi mat séch selwer beschäftegt hun d'deitsch Invasioun gefart, an neischt oder nët vill iwert besat Gebidder gesot. Deemols gow et jo nach kéng Satelliten a kéen CNN.

Wéi gesot, den 18.ten August kumme mir nés héem an bis dunn war scho munches zu Lëtzebuerg an zu Diddeléng geschitt.

- Musek -

Armateur : Här Benoit - Den Här Weirich huet elo kuerz un de sogenannte "Blitzkrieg" erönnert. Wat ass dann nom deitschen Iwerfall den 10. Mée zu Lëtzebuerg respektif Diddeléng geschitt ?

Benoît : Wéi mir schons an der lëschter Emissioun erzielt hun, ass nom Afal vun de präiseschen Truppen Diddeléng ganz évakuéiert gin. Dé gréissten Déel an d'Frankreich, de Rëscht an d'Land.

Wéll d'Groussherzogin an d'Regierung geflücht waren, hat d'Chamber den 11.te Mée éng Regierungskommissioun agesat déi déi lafend Geschäfte soll erledegen. De Präsident war den Här Albert Wehrer. Kuerz Zäit derno huet sie séch "Verwaltungskommissioun" genannt. De Kommando zu Lëtzebuerg hat awer d'Militärverwaltung déi éng einfach Feldkommandatur énnert dem <sup>de. preisesch</sup> Oberst Schumacher agericht hat

Eng vun den éischten Verfügungen war en 21 ten Juni 1940, den Zwangsémtausch vun dem lëtzebuergem Geld an <sup>DMark</sup> 1 RM krut én fir 8 Frang. E Mount dono huet é schons 10 Frang gin fir 1 RM (Reichsmark)

Den 29.ten Juli 1940 iwegétt den "Oberbefehlshaber des Heeres", de General von Brauchitsch dem Gauleiter Gustav Simon d'Zivilverwaltung iwert Lëtzebuerg. Vun élo un réenen nëmnen esou Verfügungen iwert Lëtzebuerg.

Déi éischt Deklaratioun vum Gauleiter war dass ab gleich d'Land Lëtzebuerg nët méi géw existéieren an et elo zum Gau Moselland géw gehéieren.

Awer schon den 6. Juli war an der Stad am Café Bernardy d'"Volksdeutsche Bewegung" ofgekirzt VDB gegrönnt. De Grënner war de Professor Damian Kratzenberg déen scho lang virum Iwerfall, déem séi Fach deitsch Literatur war, fir deitsch Kultur geschwärmt huet. Hire Veräin huet GEDELIT gehéscht a war haaptsächlech fir d'5. Kolonne aktiv. Hir Memberen hunn eifreg "Mein Kampf" ëm Hitler séi Buch gelies an hun och mat Waffen traineiert. Dofir ware sie och prëtt fir gleich den deitschen Truppen ze hëllef an déi éischt Lëtzebuerger verhaften ze lossen.

Ech muss awer nach ervirstreichen, dass déi sogenannten Regierungskommissioun gleich nom Amarsch vun den deitschen Truppen éng Réi vu Verfügungen erloss .

Wichtig Wueren gouwen beschlagnamt esou :

- landwirtschaftlëch Produkte
- Eisen, Stohl, Metallen
- Zement, Thomasmiel
- Uelech, Fett, Séf
- Gummi, Lieder, Schung
- Alkool a Brantwein

an zwar fir des Produkter ~~komme~~ gleichmésseg énnert dem Vollék ~~kënne~~ ze verdéelen. *hinnen*

Liewensmëttel gouwen razionaliséiert a Liewensmëttelkarten agefo'ert.

Zum Beispill :

350 gr Brout pro Kapp a pro Daag  
 10 gr. Kaffee " "  
 25 gr Botter " "  
 2 Stéck E'er pro Kapp a pro Woch  
 a s w

Et gouwen och Héchstpreisser agesat

11 Fr fir 1 Dozen E'er  
 10 Fr fir Pond Botter  
 12 Fr fir Pond gekachten Ham

Den 12.te Juli gow d' Krichsschädeamt agefo'ert.

Den 22 te Juli gow d' Verdunklung obligatorësch.

Vu Sonnenënnergang bis Sonnenobgang huen kéng Leit dierfen zegesin sin.

Den 6. August veruerdnet de Gauleiter dass nëmmen nach deitsch Sproch gebraucht dierf gin an zwar :

beim Staat an um Gericht  
 an de Schoulen  
 an den Zeitungen  
 op de Plakaten an op Schëlter

Franséch dierf nëmmen nach op den Héchschoulen geléiert gin.

D'Droen vun Berret'en ass verbueden.

Am August kommen nach folgend Verfügungen:

- d'politësch Parteien gin opgeléist
- d'Veräiner gi verbueden an nëmmen déi déi vum "Stillhaltekommissars" genémege kënne weidder aktiv sin esou Z.B. Musekgesellschaften a Sportveräiner
- déi deitsch Zustizgesetzgebung gött agefo'ert - e Sondergericht agesat an deitschfeindlech Kundgebungen verbueden.



Zu Diddeléng gëtt vum Stadhaus d'Opschrëft "Hotel de Ville" éweg geméesselt. D'Stroosseschëlter mat franzéischen Nimm gin duerch deitsch Bezéechnungen ersat. D'Niddeschgaass, rue de la Gare gëtt an Adolf Hitler Strasse ëmgedéft. Boulangerie muss duerch Bäckerei ersat gin a e w.

Wéi schons gesot, sin Ufanks September Diddelénger Leit nés aus der Evakuéierung dohéem. Op der Schmëlz gëtt ërem ugefangen ze schaffen, d'Héchuwen II an III nés a Betrieb gesat an d'Walzstroossen fänken nés un ze walzen.

D'Schoulen fänken och nés un an all Schoukllass muss d'Bild vum Führer Adolf Hitler hänke kommen.

Et ass verbueden Englësch Sender ze lauschteren. D'Ernährungsamt verdéelt d'Liewensmëttelkarten. Néi Luftschutzbestömmungen gin agefo'ert. Beamten an Aarbechter gi forcé'ert niewend de freiwëllege Preisen mat der Bécks an der Hand fir "Kriegswinterhilfswerk" ze sammeln.

Den 22.ten Oktober gëtt d'Chamber an de Stadtsrot opgeléist. Den Albert Wehrer gëtt als Präsident vun der Verwaltungskommissioun ofgesat a vun do un gëtt et kéng lëtzebuenger Verwaltung méi.

Emmer méi oft a méi fréch zé'en S.A. Truppen duerch d'Stroossen. D'Hakenkräiz Fändel muss gegréisst gin an d'Lëtzebuenger verdrécken séch séier an Niewestroossen an Heiseragäng fir nët brauchen ze "heilen".

Den Drock gëtt ëmmer méi stark an ëmmer méi Leit mussen an d'VDB. D'VDB Ofzéechen de sogenannte "Roff" muss vun déene gedroe gin déi nët derlanscht kommen.

Déi nët preisesch kléngend Nimm a Virnimm mussen ëmgeännert gin. Roger gëtt Rüdiger - Dupont gëtt von der Brücke a e w.

Am Februar 1941 gëtt der Schoulschwester am <sup>Pensionat</sup> ~~Personal~~ verbueden Schoul ze hâlen. Lëtzebuenger Timberen an Postkarten gin duerch preisesch ersat.

Natirlech wieren d'Lëtzebuenger sech a wëllen nët mat machen. Awer och d'Preisen réagéieren an esou gin Beamten a freiberuflëch Schaffend déi nët mat hinne wëllen schaffen entlooss ënnert der Bezechnung. "Sie bieten nicht die Gewähr "

An déem Zesammenhang wëll ech héi un puer bekannten Diddelénger Persounen erënneren :

D'Dokteren Hentzen an Schumacher  
 D'Abtickteren Decker an Hoffmann  
 D'Schoulméeschteren Henges, Klein, Mahr a Stein.  
 vum Zoll Dauphin, Didier, Irrtum an Zigrand  
 De Polizist Folschette an de Gendarm Meischer  
 an nach anerer.  
 D'Danzen ass verbueden.

Den 1. Mée 1941 ass zu Diddeléng éng grouss Kundgebung op déer de Gauleiter Gustav Simon éng Ried hält. Vir dass genügend Leit op der Stadhausplatz sin, gin aus dem Reich an aus den Nopeschgeméngen Preiser mat den Trammen erbei geféert. Awer och op der Schmëlz kritt jidderéer gesot dass "Erscheinen" Pflicht wir an d'Präsenz als Dingscht considé- réiert gëtt.

Duerch Veruerdning vum 23te Mée 1941 gëtt d'Lëtzebuerger Jugend esouwue d'Jongen wéi och d'Méedercher an den obligatoréschen Aarbechtsdëngscht (RAD) gezwongen. Dëst war e kloert Vergoen géngt international Gesëtzer a gow nom Krich um Tribunal zu Nürnberg als Krichsverbrieche kondaméiert. Wann och bis dohin mat méi oder groussen Drock Jugendlécher an d'Hitlerjugend (H.J.) oder an de Bund deutsches Mädel (BdM) an déi Erwuessen<sup>m</sup> déi "Deutsche Arbeitsfront" DAF gezwonge gouwen esou hunn d'Preisen mat dëser Veruerdning ugefangen éng aner Sproch ze schwätzen.

Wien séch der Anzé'ung an der RAD entzunn huet an erwöscht gow hat mat Zuchthaus ze rechnen. Esou hat als Beispill e Sondergericht zu Lëtzebuerg 3 jong Lëtzebuerger déi durch Flucht an d'Ausland séch der Aberuffrung entzé'he wollten.

Zu 2 Joer Zuchthaus respektif 1 Joer an 10 Méent kondammeiert. A Persounen déi hinne gehollef haten zu 5, 4 an 2,5 Joer Zuchthaus verurteilt.

Elo hat de Kräizwee fir d'Lëtzebuerger Jugend richtég ugefangen.

*Quinn. Merci dir Hären fir haut den Grund a bis den nächste Mäanden,*